N° 4780
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 14 SEP. 2021

Réf. : 83ax2036c

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4780 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4780 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de la loi relative aux bibliothèques publiques, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4780

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4780 vum 30. Juli 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

De Koalitiounsaccord 2018-2023 gesäit fir, datt d'Bibliothéikegesetz vum 24 Juni 2010 kritesch analyséiert, an deementspriechend ugepasst gëtt. Donieft hu mir de *Kulturentwécklungsplang 2018-2028* mat enger zousätzlecher Mesure komplettéiert (Recommandation 64 "Réformer la loi du 24 juin 2010 relative aux bibliothéques publiques"), déi d'Reform vu genee dësem Gesetz viséiert. De Wëlle vun der Regierung fir dëst Gesetz a säi Règlement Grand-Ducal op de Leescht ze huelen ass deemno ongebrach.

Dëse Prozess soll a wäert op eng partizipativ Manéier, an am Echange mat de betraffene Persounen, Federatiounen, Associatiounen a Strukture gefouert ginn. Déi Punkten déi vum Honorabelen Deputéierten ugeschwat goufen, wäerten an deem Kontext och examinéiert ginn.

Ech wëll awer op dëser Plaz nach eemol dat alleréischten Zil vun dësem Gesetz rappeléieren : "permettre une meilleure diffusion de la société de la connaissance dans toutes les couches de la population". An eiser oppener Gesellschaft spillen d'Bibliothéike weiderhin eng essentiel Roll a sinn oft eng éischt Ulafstell fir den Accès zur Kultur an zum Wëssen ze garantéieren, dëst fir all d'Sparte vun der Bevëlkerung. Datt eng Bibliothéik, déi den Agrément als "bibliothèque publique" huet, sech dozou verflicht fir den Awunner vun eisem Land eng gewëssen Unzuel u Wierker an den dräi Sprooche vum Land zur Verfügung ze stelle, schéngt mir evident. Dës Dispositioun schränkt dann och kengesweegs d'Autonomie vun de Bibliothéiken an, fir hir Offer doriwwer eraus auszebauen an ze diversifiéieren, mee schaaft eréischt eng Basisgrondlag, mat där déi agreéiert Bibliothéiken hirer Missioun kënne gerecht ginn. Et sief op dëser Plaz rappeléiert, datt all agreéiert Bibliothéik, zousätzlech zu de Subside fir d'Fonctionnementskäschten déi op 45.000 EUR pro Joer plafonéiert sinn, e Subsid vun 20.000 EUR pro Joer zu gutt huet, fir hir Kollectioun z'erweideren an z'erneieren.

Et gi keng Studien iwwert d'Effekter vum Bibliothéikegesetz vun 2010. Zanter dem Akraftriede vum Gesetz kruten 12 Bibliothéiken den Agrément als "bibliothèque publique". Am Joer 2020 huet de Staat Subsiden an Héicht vu 559.000 EUR un déi agreéiert Bibliothéike verdeelt.